N°208
Entrée le 19.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Wann een eng Réi Ofrechnunge vum Dokter an enger Kéier bei d'CNS schéckt ginn dës net onbedéngt gemeinsam traitéiert. Dëst ass och esou um Site vun der CNS annoncéiert. Ville Leit ass de Prozess hannert dem Enregistréiere vu Rechnungen an dem Ausbezuele vun de Gelder net bekannt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat ginn d'Rechnungen esou gehandhaabt?
2. Och wann de System vum Tiers payant ugelaf ass, huet d'Ministesch selwer an der Chamber ze verstoe ginn, dass et nach wäert dauere bis all Dokter dësen och wäert notzen.
   Wäert bis dohi weiderhin un enger Verbesserung vum traditionelle Remboursementsystem geschafft ginn?
   - Wa jo, wat ass nach envisagéiert fir d'Liewe vun de Mataarbechter:innen vun der CNS ze vereinfachen an d'Delaien ze verkierzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten